



► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.***- Merci dem Här Berger. An d’Wuert huet den Här Adam.

► **M. Claude Adam (*déi gréng*).**- Merci, Här President. Déi gréng Partei gëtt, historesch gesinn, natierlech an éischer Stell mat Ëmweltschutz a Verbindung bruecht, an dat ass och gutt esou. Mä ech mengen, och dierfen ze soen, datt genausou wichteg fir déi gréng ëmmer de Schutz vu Minoritéite war. Mir hunn eis ëmmer derfir agesat, datt all Mënsch konnt säi Liewensstil liewen, wéi en dat wollt, natierlech am Respekt vun der Fräiheet vu sengem Nächsten.

An zu deem fräie Liewensstil huet fir eis och ëmmer gehéiert, niewent enger ganzer Rei anere Saachen, d’relieïs Fräiheet, a jiddweree soll kënnen déi Relioun liewen, déi e wëllt liewen. Ech si souguer zitëiert ginn als jonken Deputéierte vum Här Laurent Zeimet. Deemools ass e Buch erauskomm an der Imprimerie Saint-Paul iwwert d’Lëtzebuurger Chamber an de Laurent hat mech zitëiert. Ech hat nach vill aner Sätz gesot, mä en hat ënner anerem dee Saz zrëckbehalen, datt ech mech vehement derfir géif asetzen, datt keen dierft eng Relioun opgezwoonge kréien, an ech géif mech genausou vehement derfir asetzen, datt een, dee seng Relioun hätt, se och dierft liewen.

Mir kucken hei net op Lëtzebuerg, mä speziell op de Mëttleren Orient. Den Här Berger huet gesot: Et gëtt vill Géigenden an der Welt, wou äänlech Saache sinn.

Mir kucken hei speziell op de Mëttleren Orient. Et ass zweemol den État islamique erwänt ginn. Mir gefällt gutt, datt virdru steet „so-disant“, well mer dierfen net vergiessen, datt deem Terror sech net nëmme géint eng reliéis Grupp oder eng Ethnie rücht; dee rücht sech eigentlech géint jiddwereen, deen eng aner Meinung vertritt wéi déi Leit, déi deen „so-disant État islamique“ féieren.

An deem Sënn sinn ech ganz frou, datt déi Motioun hei esou équilibréiert ass. An ech si besonnesch och frou an ech ginn dem Här Mosar nëmme recht bei deem, wat en iwwert déi particulière Situatioun seet, déi de jesidesche Fraen do widderfiert: Dat ass effektiv net auszehalen! An ech menge wierklech och, datt et eng gutt Saach ass an et wichteg ass, datt mer eis ebe mat där Motioun hei géint alleguerten déi negativ Effete sträuben.

An als Gréng si mer och der Meinung, datt ee sech muss fir d’Minoritéiten asetzen. An et kann net eng Roll spillen, ob et zéng oder zwanzeg oder dausend Leit sinn, déi a Gefor sinn. Et ass einfach eng Fro vum Prinzip. An deem Sënn bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu dëser Motioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.***- Merci dem Här Adam. An da géif ech mengen - richtig gemengt! -, dass et um Här Fernand Kartheiser ass.

► **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).**- Villmools Merci, Här President, an och Merci un den Här Mosar, deen déi Initiativ hat, fir deen heiten Text ze schreiben. Et ass wierklech gutt, datt mer an der aussepolitescher Kommissioun dorüwer konnten diskutéieren an datt elo en Text virläit, op deem mer eis konnten eens ginn. Deen Text, deen elo als Kompromëss erauskomm ass, ass sécher net perfekt. Och mir hunn eng Rei Observatiounen rechtlecher Natur, mä och politescher Natur.

Rechtlech: Do muss een ëmmer considéieren, datt d’Mënscherechter u Persounen gebonne sinn, net u Gruppen. Mir hunn eng Konventioun, déi Lëtzebuerg mat ratifizéiert huet, oder op jidde Fall mat ënnerschriwwen huet, iwwert d’Rechter vu Persounen, déi zu nationale Minoritéite gehéieren. Hei geet et ëm ethnesch Minoritéiten a reliéis Minoritéiten, mä u sech misst d’Logik déiselwecht sinn; et geet ëm d’Rechter vun deene Persounen, déi zu deenen ethneschen oder reliéis Minoritéite gehéieren, well mir kennen an eiser Rechtskultur keng kollektiv Rechter, mä ëmmer nëmmen individuell Rechter, oder praktesch, mat ganz wéinegen Ausnahmen.

Eng zweet Bemierkung: Et ass sécher richtig, wéi den Här Angel gesot huet, datt d’Politiséierung vun der Relioun heiansdo net onproblematesch ass. Ech muss awer och soen, als Äntwert dorobber, datt de politesche Kampf géint eng Relioun op jidde Fall genausou problematesch ka sinn. An et brauch een net wäit an eis Geschicht sichen ze goen an an eis Geografie, fir Beispiller ze siche vun engem politesche Kampf géint d’Relioun, deen dramatesch Konsequenzen hat.

En drëtten Defizit vläicht an dësem Text ass, datt just gesot gëtt, datt d’europäesch Wäertegemeinschaft sech géif op humanistesche Wäerter berufen. Et géif déi humanistesche Wäerter historesch net ginn, wann net dee chrëscht-

lechen Héritage an Europa bestanen hätt. An et ass schued, datt net hei op den Héritage humaniste et chrétien vun Europa higewise gëtt, wat ee wichtegen Deel vun der europäescher Identitéit ass a bleift. An et ass schued, wa probéiert gëtt, fir dat lues a lues aus eisen Texter an aus eise Wëssen an aus eiser Conscience erauszedrëcken.

An eng lescht Bemierkung: Et steet do, d’Regierung wär invitéiert, fir ouni Diskriminatioun an hirer Asylpolitik ze operéieren - bei de Réfugiéen -, wann et ëm Reliounen an esou weider geet. Elo hänkt et awer dovun of: Wat versteet een dorënner? Wat mengt een domadder? Ass domadder gemengt, datt mer net sollen op Reliounen oppassen? Dat wär falsch, well mir haten als ADR op jidde Fall scho virun iwwer engem Joer gesot, wou besonnesch déi chrëschtlech Minoritéiten a Syrien viséiert ware vun de Regimenter, datt mer déi Leit sollen och privilegiéiert ophuelen, well et einfach eng objektiv Tatsaach war - wat et haut och nach ass, mä deemools och scho war -, datt besonnesch déi chrëschtlech Minoritéite viséiert waren, an datt se nimools eng Chance wäerte kréien, fir sech kënnen an der syrescher Gesellschaft ze reintegréieren, esou wéi d’Situatioun a Syrien sech zënterhier entwéckelt huet.

Et ass also... Wann ee seet: „ouni Diskriminatioun“, kann dat jo awer net heeschen, datt een net spezifesch Situatiounen ka considéieren an dann och déi néideg politesch a rechtlech Konsequenzen doraus zéien. De Fall vun de jesidesche Fraen ass genannt ginn, mä de Fall vun de Chrëschten am Moyen-Orient allgemeng, dee solle mer och am A behalen, well dat ass am Abléck weltwäit déi am meeschte verfollegt reliéis Minoritéit, déi vun de Chrëschten.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.***- Merci och dem Här Kartheiser. A mer sinn um Enn vun... Ah, entschëllegt, den Här Wagner. Dir musst mech entschëllegen, ech hu fir déi heite Motioun keng Androunge gehat.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*).**- Et ass mä Feeler.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.***- Et ass un lech.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*).**- Et ass mä Feeler. Pardon! Entschëllegt!

Merci, Här President. Jo, et dierf een net vergiessen: Déi éischt Victime vun deem Konflikt am Irak an a Syrien, dat sinn d’Flüchtlingen, dat sinn déi Leit op dëser Plaz, onofhängeg - an et ass e puermol gesot ginn -, onofhängeg vun hirer Ethnie, vun hirer reliéis Appartenance. Ech mengen, och wa mir an Europa eng Politik vum Ophuele vun deene Flüchtlinge bedriewen, dann ass et selbstverständlech, datt mer d’Leit net kënnen iergendwéi reliéis kategoriséieren, datt mer keng Prioritéiten kënnen ausschwätzen. Déi Zäite sinn an Europa glécklecherweis eriwuer.

Jo, Minoritéiten, chrëschtlech Minoritéiten, Jeside gi verfollegt, ginn torturéiert, ginn op eng onméiglech Aart a Weis behandelt. Et gëtt a Wierklechkeet quasi jiddwereen dohanne verfollegt, deen net grad, wat den Islamesche Stat ubelaangt, deenen hir Précepten, déi antiislamesch a Wierklechkeet sinn, befollegt.

D’Muslime selwer ginn och verfollegt als Apostat, wa se sech net zu deem bekennen, wou den Islamesche Stat mengt, datt se sech misste bekennen. D’Schiite ginn ëmbruecht, och vum Islamesche Stat, well déi quasi als déi gréisste Gefor och nach ugesi ginn an där Géigend. Mä souwisou muss et eis egal sinn, wien seng Relioun elo am meeschte verfollegt gëtt; dorëms geet et net.

Et ginn einfach Leit massakréiert vun enger Bewegung, déi géint all humanistesche Wäerter ukämpft, humanistesche Wäerter, déi hir Wuerzelen op ganz ville Plaze fannen, och am Chrëschtentum natierlech, dat ass ganz kloer. Do gëtt et déi Traditioun: Ouni Chrëschtentum wier en Deel vum Humanismus net zustane komm. Ouni den Islam och net. Well et dierf een ni vergiessen, datt am Mëttelalter eng grouss Transmissioun vun Texter aus Griichenland, ënner anerem, iwwert déi arabesch Denker a Philosophen an Europa erëm zrëckkomm sinn. D’Lumiären am Islam, déi hu scho relativ fréi stattfonnt, quitte datt d’Lumiären heiansdo op gewëssene Plazen zouginn oder erëm uge-maach (veuillez lire: quitte datt d’Lumiären heiansdo op gewëssene Plazen ausginn an awer och erëm uge-maach ginn) ginn.

A mir dierfen och net vergiessen, datt an dëser Géigend net nëmmen am Islamesche Stat gewëssen humanistesche Wäerter mat Féiss getrëppelt ginn Et ginn der och op der Arabescher Peninsula op eng genausou oder méi formal, mä propper Aart a Weis vläicht (veuillez lire: vläicht mat Féiss getrëppelt), mä d’Resultat

ass datselwecht. Saudi-Arabien, Emiraten, Qatar: Mir wëssen, wat do leeft. An do kënne mer och net stolz drop sinn. Mä mir wäerten natierlech déi heite Motioun matdroen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.***- Merci och. Da si mer um Enn vun der Diskussioun.

D’selwecht gëllt ewéi bei deenen zwou Motiounen virdrun: Den Accord vun der Regierung ass do.

Vote sur la motion de M. Marc Angel

Ech géif dann d’Fro stellen, ob mer kënnen à main levée ofstëmme oder ob de Vote électronique gefrot ass.

► **Plusieurs voix.**- Main levée!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.***- Main levée.

Da géif ech déi Kolleginnen a Kollege bieden, déi mat dëser Motioun d’accord sinn, d’Hand ze hiewen.

D’Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Et gëtt Unanimitéit. Merci. Dann ass och déi heite Motioun ugeholl.

An ech wëllt nach eng Kéier ënnersträichen, dass dat eng exzellent Démarche och an der Kommissioun war an dass et gutt ass, dass zu esou eeschte Froen et zu enger Unanimitéit an der Chamber komm ass. Merci fir déi gutt Diskussiounen.

Ech géif dann zu dem nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6542 iwwert d’Schafung vun enger Loversubventioun. D’Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d’Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Guy Arendt. Ech denken, dass ech d’Inskriptiounen alleguer hunn. Här Arendt, Dir hutt d’Wuert.

4. 6542 - Projet de loi portant introduction d’une subvention de loyer et modifiant:

a) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l’aide au logement;

b) la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d’un droit à un revenu minimum garanti;

c) la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées

Rapport de la Commission du Logement

► **M. Guy Arendt (*DP*), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, mir haten op dëser Plaz virum Summer d’Geleëenheet, ausgibeg iwwert de Logement hei am Land ze schwätzen. Mir sinn eis alleguerten eens: De Marché muss dynamiséiert ginn an d’Offer muss eropgesat ginn. Dat kann awer net vun haut op muer goen an et kann och net mat engem Projet de loi eleng sinn.

De Mëtze presentéieren ech de mëndleche Rapport zu engem Gesetzestext, dee Säint heizou bäidroen soll a wäert, fir et ville Leit méi einfach ze maachen, hire Loyer ze bezuelen. Et handelt sech ëm déi sougenannten „subvention de loyer“ oder „Mietzuschuss“. An anere Wieder: Deene Familljen, déi am Moment Schwierigkeeten hunn, d’Enner zesummenze-kréien, kënnt de Stat entgéint, andeem si eng Partie vun de Loverskäschten iwwerholl kréien. An deem Sënn ass dëse Projet de loi e weidert Stéck am Puzzle, fir d’Wunnengsproblematik an de Grëff ze kréien.

De Gesetzestext gouf den 12. Februar 2013 vum viregte Logementsminister déposiert. Souwuel d’Chambre des Salariés wéi och d’Chambre de Commerce an d’Chambre des Métiers hunn an hiren Avisa Stellung bezunn. Dem Statsrot säin éischten Avis datéiert vum 18. Juni 2013. Och d’Commission nationale pour la protection des données huet Positioun bezunn. De 15. Mee 2015 huet dës Regierung eng Rei Amendementer ugeholl, ier de Statsrot den 30. Juni säin zweeten Avis guttgeheescht huet. D’Caritas huet och hiren Avis verfaasst. No enger technescher Diskussioun mam Statsrot a sengem drëtten Avis vum 20. Oktober gouf de schrëftleche Rapport dunn de 27. Oktober an der Kommissioun ugeholl.

Et ass gewosst: Zënter enger gudder Zäit ginn d’Präisser vum Logement hei am Land stänneg erop. Dat huet verschidden Ursachen, mä als Konsequenz huet et awer virun allem, dass et ëmmer méi schwéier gëtt, sech seng eege Wunneng ze leeschten oder de Loyer ze bezuelen. Am Moment gi verschide Pisten diskutéiert, wéi een d’Offer par rapport zu dëser massiver Demande eropsetze kann, dëst beson-

nesch duerch strukturell a laangfristeg Mesuren. Mä och kuerzfristeg besteet Handlungsbedarf. A genau op dësem Punkt kënnt d’Subvention loyer an d’Spill.

Här President, et geet de Mëtten drëm, en Text ze stëmme, deen et dem Stat, a méi genau dem Logementsministère, erlaabt, geziilt deene Stéit ënnert d’Aerm ze gräifen, fir déi et net esou einfach ass, all Mount de Loyer opzebréngen. Dofir gëtt et och dräi kloer Konditiounen, déi een erfëlle muss, fir an de Genoss vun esou enger Subvention loyer ze kommen.

Éischtens: De Stot muss e Revenu opweisen, deen ënner engem bestëmmte Maximum läit. Hei kréien also déi Leit gehollef, déi an der Prekaritéit erofrutsche kënnen. Dëse Revenu läit am Joer 2015 zum Beispill bei enger einzelner Persoun bei 1.768 Euro a bei 3.713 Euro fir eng Famill mat zwee Kanner. Dat bedeit och, dass dëst Instrument d’Kanner mat a Betruucht zitt a si speziell schützt.

Eng weider Konditioun ass, dass de Stot e groussen Deel vu sengem Revenu fir de Loyer opbréngen muss, an dat mat méi wéi 33%. Och hei geet et dem Législateur drëm, deene Familljen ze hëllefen, déi dëst wierklech néideg hunn.

An drëtten muss de Stot hei am Land de Loyer bezuelen.

Wann een dann elo dës Konditiounen erfëllt, bleift d’Fro, wéi héich de Montant vun dëser Aide dann ass. Och dat hänkt erëm vun der Zesummesetzung vum Stot of, dat, well eng Famill mat Kanner jo méi e grouss Appartement loune muss ewéi eng Koppel.

Fir bei menge Beispiller ze bleiwen, ass et esou, dass eng eenzel Persoun 124 Euro kritt, an eng Famill mat zwee Kanner kënnt an de Genoss vun 174 Euro de Mount. Dat ass sécherlech bei Wäitem nach kee Verméigen, mä et ass awer e ganz konkrete Bäitrag zum Loyer, deen all Mount ufält.

Ech wëllt nach e puer zousätzlech Remarquen zu der Subvention loyer maachen:

Éischtens: Souwuel d’Referenzwäerter vum Maximum vun de Revenue wéi och vum Montant vun der Aide ginn all Joer iwwer e Règlement grand-ducal festgeluecht.

Zweetens: Och Leit, déi elo den RMG kréien an awer och déijéineg, déi den RPGH empfänken, well se en Handicap hunn, kënne vun dëser Mesure profitéieren. All dës Aidë sinn elo gebündelt, wat et éischtens méi iwwersiichtlech fir d’Leit mécht an et awer och méi einfach fir d’Administratiounen mécht.

Opgrond vu verschiddene Berechnungen wäerten elo ongeféier 19.000 Stéit vun dëser Mesure profitéiere kënnen, dovunner 12.000 Familljen, déi virdrun nach keng Subvention loyer kruten. Dat sinn ongeféier 7% vum ganze Marché locatif.

Drëtten: Wann elo Leit mengen, dës Mesure géif d’Präisser driewen, dann ass dat net de Fall, ebe well mer hei nëmme vu 7% vum ganze Marché schwätzen. Ech wëll dann och drun erënneren, dass mer nach ëmmer d’Limit vum 5% vum Uschafungspräis vum Logement hunn, déi ee pro Joer als Loyer froe kann. Dës Mesure ass mat 28,8 Milliounen am Budget 2016 festgehalten.

Här President, eng aktiv Logementspolitik besteet aus verschiddenen Instrumenter: D’Subvention loyer ass eent vu villen an et ass eent, wat schnell wierkt, dat well se schonn ab dem 1. Januar 2016 gräift. Wann een et esou gesi wëllt, ënnerstëtze mer heiduerch déi Leit, déi éischer wéineg verdéngen, an dat, ouni d’Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft op d’Spill ze setzen.

Et ginn duerch dëst Gesetz déi Stéit ënnerstëtzt, fir déi de Loyer all Mount wierklech vill ausmécht. Et ass also eng sozial selektiv Mesure. Et ass eng Fro vu Solidaritéit, wa mer deene Leit aus der Gesellschaft eng Hand reechen, déi et schwéier hunn, iwwert d’Ronnen ze kommen. Dat gesot, soen ech der Logementsministesch, dem Statssekretär am Logement an all deenen, déi hei um Projet geschafft hunn, e grouse Merci a ginn den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleiden Text. An ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.***- Merci och dem Här Rapporteur. An d’Wuert huet direkt den Här Marc Lies fir d’CSV.

Discussion générale

► **M. Marc Lies (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6542



iwwert d'Subvention loyer kann elo haut endlech an der Chamber gestëmmt ginn. Dëse Projet de loi staaft nach aus der Fieder vum viregte Logementsminister, dem Marco Schank, a gouf de 15. Februar 2013 pour avis un de Statsrot geschéckt.

Un der Élaboration vum dësem Mietzuschuss gouf scho viru Jore geschafft, well d'Präisser um Wunnengsmaat, notament déi vun der Locatioun, virun an d'Luucht gaange sinn. D'Gesetz vun 1979 iwwert d'Aide au logement gouf an deene leschte Joren eng sëllege Kéieren ugepasst, wou ëmmer erëm zousätzlech Moossname geholl gi sinn, fir d'Situatioun um Wunnengsmaat ze verbesseren.

Wéi mir beim Débat logement am Juni vun dësem Joer scho festgestallt hunn, ass d'Situatioun, wat de Logement ugeet, an eisem Land eng ganz spezifesch, a mir kënnen eis mat kengem anere Land an der EU vergläichen. Beim Populationszouwues ass Lëtzebuerg am EU-Verglach Spëtzeleiter. Wat d'Wirtschaftsleeschtung ugeet, gehéiert eist Land och zu deene féierende Länner an Europa. Dëst sinn alles Erklärungen fir den Istzustand, an ass awer keng Entschëllung fir déi aktuell problematesch Situatioun um Immobiliemarkt.

Mir brauchen awer nëmmen iwwert d'Grenzen ze kucken bei eis Noperen, do stelle sech opgrond vun der Flüchtlingskris déiselwecht Problemer. Et freet ee sech just, ob de Mangel u Wunnenge beispillsweis an Däitschland net nach méi grouss ass wéi hei zu Lëtzebuerg. Et ass awer wéi iwwerall: „Not macht erfinden.“

Och dëse Sujet huet d'CSV am Kader vun der Debatt ugeschwat, op wat fir eng Aart a Weis de Maart amgaangen ass, sech hei am Land ze veränneren, a wéi verschidde (veuillez lire: verschidde skrupellos) Geschäftemacher sech op d'Käschte vun anere Leit eng gëllen Nues verdéngen. Ech kommen op dësen Émstand, wéi schonn an der Debatt, nach eng Kéier zrëck ze schwätzen, a wéilt d'Problematik, wéi Haiser an Appartementer sous-louéiert ginn, andeems datt eenzel Zëmmeren zu extrem héije Präisser viruverlount ginn, nach eng Kéier besonnesch ervirhiewen. Oft gëtt sech och hei net un d'Gesetzgebung gehalen, wat d'Sécurité an d'Hygiène an de Gebaier ugeet.

Ech froen d'Chamber: Ass et normal, datt eenzel Zëmmeren mat enger Gréisst vu ronn 20 m², wou d'Kichen an dee ganze Sanitär, d'Toiletten an d'Buedzëmmer mat de Colocataire musse gedeelt ginn, datt dës Objeten zu Präisser bis zu 950 Euro de Mount verlount ginn? Da froen ech nach eng Kéier: Ass dat normal? Datt opgrond vun esou enger Praxis de Präis vun Meter carré bei der Locatioun exponentiell an d'Luucht geet, läit hei jo wuel op der Hand.

D'CSV hat am Kader vun der Debatt och eng Proposition de loi an dësem Kontext gemaach. Et wier flott, wa mer iwwert dës Proposition de loi och an der nächster Chamberskommissioun kéinten diskutieren.

Mir sollten eis an Zukunft awer och verstärkt Gedanken iwwert d'Bail-à-loyer-Gesetzgebung maachen. Zorzäit ginn et hei am Land op d'mannst véier verschidden Applikatiounen, wat d'Locatioun vu Wunnengen ugeet:

Éischtens, d'Aide au logement gesäit iwwer e Règlement grand-ducal vun 1998 eng speziell Berechnung vun de Loyere fir sozial Mietwunnengen vir. Heiriwwer misst ee sech och emol eng Kéier Gedanke maachen, ob dës Formule de Präisser vun haut nach Rechnung dréit. Hei leien ëmmerhi 17 Joer dertëscht. An deene 17 Joer huet sech villes verännert.

Zweetens, d'Agence Immobilière Sociale freet e Loyer, deen zuweilen dätlich ënnert deem vum Marché läit, awer nach ëm villes méi héich ausfällt wéi e Loyer, deen iwwert de Règlement grand-ducal errechent gëtt. Dës Diskrepanz ass eemol ze vill héich a misst där heiteger Situatioun ugepasst ginn. De Rôle vun der Agence Immobilière Sociale ass zu engem gewëssene Mooss jo awer deeslechte wéi dee vum Promoteur public oder de Gemengen, wann et ëm Mietwunnengen geet. Beim Ratio Käschtepunkt vun enger Iwwernuechtung pro Persoun ass d'ALS mat 5,51 Euro pro Nuecht net ze schloen. Net nëmmen datt de Präis pro Nuecht (veuillez lire: datt de Präis pro Nuecht onschlagbar) ass, d'ALS geet och géint de Leerstand vu Wunnengen vir.

D'CSV-Fraktioun ass der Meenung, datt all Form vu Location immobilière sociale - d'Parametere mussen allerdéngs iwwerall déiselwecht sinn - an Zukunft verstärkt mat staatleche Mëttel sollt ënnerstëtzt ginn. Mir sinn der Meenung, datt dës Formule zu enger Verbesserung

vun der Situatioun um Locatiounsmarché féiert an datt dës Mesure zousätzlech géint de Leerstand vu Wunnengen virgeet. Dës Moossname kéint och een Afloss op d'Spiral vun de Locatiounspräisser hunn.

Drëttens, deen normale private Locatiounsmarché. Ënnert dësem Marché verstinn ech déi privat Locatioun vun Haiser an Appartementer, déi regelkonform sinn an och autoriséiert goufen.

Véiertens, ënnert der véierter Applikatioun vu Loyere verstinn ech alles, wat Sous-locatiounen oder Colocatiounen sinn, ob dat a Kaffiszëmmeren de Fall ass oder, wat ech virdru scho gesot hunn, a Wunnengen, wou all eenzel Zëmmer verlount gëtt. Bei dëser véierter Form vu Locatioun wier et och un der Chambre immobilière, fir ze kucken, datt sech un d'Regelen an un d'Gesetzgeber gehale gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, datt d'Stad Lëtzebuerg scho längst virun dëse Praktiken kapituléiert huet, beweist de Commentaire bei den Amendements gouvernementaux vun dësem Gesetz. Zweeten Amendement iwwert den Artikel 3 vum Règlement grand-ducal, wou et ëm de Certificat de résidence geet: «Étant donné qu'un certificat de composition du ménage ne peut pas être fourni - au moins à l'heure actuelle - par toutes les communes du pays en raison d'un manque de standardisation et d'informations disponibles (par exemple dans la ville de Luxembourg pour les ménages résidant dans des immeubles en copropriété sans cadastre vertical), il convient d'omettre l'exigence de délivrance d'un certificat de composition du ménage.»

Dëst ass eng Faillite-Erklärung vun der Stad Lëtzebuerg. An hei ass d'Politik gefuerdert, fir schnellstméiglech dogéint virzegoen. Dëst ass och eng Erklärung, firwat d'Awunnerzuel vun der Stad an deene leschte Joren esou drastesch an d'Luucht gaangen ass. Ech hat och schonn an der Debatt op dëse Mësstand higewisen. De Fonds national de solidarité weess sech sengen Hänn kee Rot, wann hien net op ee Certificat de composition du ménage kann zrëckgräifen. Dëst féiert zwangsläufig zu Abus-socialen.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, déi Dir och eng Verantwortung am Stater Schaffen- a Gemengerot hutt: Huel lech dësem Mësstand wann ech gelift un! D'Situatioun um Wunnengsmaat, wat d'Präisgestaltung ugeet, gëtt vu Joer zu Joer méi dramatesch.

D'Hausse vun der TVA vun dräi op 17% bei Zweetwunnengen huet sécherlech net zu enger Berouegung um Marché gefouert. Éischer de Contraire ass de Fall. D'Präisser am Locatif gi virun an d'Luucht. Déi annoncéiert Loyerspräisser sinn iwwert dat lescht Joer an der Region Zentrum-Süd bei den Appartementer ëm 6,5% an d'Luucht gaangen a bei den Haiser ëm sage und schreibe 14,4%.

Dësen Émstand huet d'Regierung dann och dozou bruecht, fir d'Limit bei der Subvention Loyer vun 230 op 300 Euro an d'Luucht ze setzen. Ier dës onverantwortlech Moossname vun der Hausse vun der TVA op Zweetwunnengen geholl ginn ass, hätt dës Regierung sech méi Gedanken iwwert d'Niewewirkungen vun dëser Hausse solle maachen.

Et kann een elo scho soen, datt dës Hëllef iwwer de Mietzuschuss a spéitstens zwee bis dräi Joer verpuffert sinn, an dëst opgrond vun de Loyeren, déi weider stramm an d'Luucht ginn. Am Ganze sollen eng 19.000 Ménage vun dësem Mietzuschuss kënnen profitieren.

D'Regierung huet och décidéiert, datt all Demandeur RMG an all Persoun mat engem graven Handicap dës Subventioun kann an Usproch huelen. Un a fir sech schwätzt hei näischt dergéint. Et verkomplizéiert awer de ganzen Traitement vun den Demandeurs de subvention, well d'Aide au logement och Zougrëff op d'Donnéeë vum Fonds national de solidarité muss kréien.

Wa gewosst ass, datt kee Certificat de composition de ménage, notament aus der Stad Lëtzebuerg, méi ze kréien ass, wësse mir, wouzou dat féiere kann. Den Iwwergang vun deem enge Regime op deen anere suert laut der Caritas och fir verschidden Ongerechtegkeeten an Ongereimtheete bei der Applikatioun.

Aus dësem Grond ass a bleift d'CSV-Fraktioun der Meenung, datt et besser gewiescht wär, d'Gesetz iwwert den RMG als Alléierscht ze iwwerschaffen a beispillsweis zousätzlech Hëllef bei der Bonification de loyer mat anzubauen. Dëst hätt definitiv zu engem manner schwéierfälligen Traitement vun deene jee weilegen Dossiere gefouert. D'Gesamtkontext vun der Reform iwwert den RMG läit nach ëmmer net un Dësch. Dëst gouf och schonn an der Familljekommissioun bemängelt.

Wat de Prinzip vum Mietzuschuss ugeet, dierfte mir alleguerten enger Meenung sinn, datt dëst Gesetz eng gutt Saach ass. Wichteg ervirze-

hiewe bleift, datt dëse Mietzuschuss sech natierlech nëmmen op de private Locatiounsmarché bezitt. Lëtzebuerg schléisst sech mat dësem Gesetz aneren europäesche Länner un, déi schonn eng äänlech Gesetzgebung hunn, wou et ëm eng individuell Wunnengsbäihëlle geet.

A Groussbritannien hëlleft den „Housing-Benefit“-System 22% vun de Ménagen, déi um private Marché sinn an am Joer 2002 gelount hunn. A Frankräich woren dat am Joer 2005 souguer ronn 45%. An Däitschland hëlleft d'Wohngeld ronn 10% vun deene Ménagen, déi lounen. D'Gesetz iwwert de Mietzuschuss hei zu Lëtzebuerg dierft dann och bei ronn engem Drëttel vun de Ménagen, déi um private Marché lounen, ukommen.

Eng Etüd vum CEPS/Instead tëscht de Joren 2004 bis 2010 dokumentéiert, datt den Taux d'effort vun deene Menagé mat dem niddregsten Akommes ëm véier Prozentpunkte vun 29 op 33% an d'Luucht gaangen ass. Bei deene Ménagen, déi eng besser finanziell Situatioun opzeweisen haten, ass den Taux d'effort am selwechten Zäitraum par contre vun 20 op 19% erofgaangen.

D'Revenue si bei deene Menagé mat deem niddregsten Akommes zäitgläich just ëm 12% an d'Luucht gaangen a bei deene méi aiséierte Ménagen ëm ëmmerhin dat Duebelt, also 24%, an d'Luucht gaangen.

Den Aarmutsrisiko, laut dem neie Rapport, dee virun e puer Woche presentéiert gouf iwwert d'Cohésion sociale vum Statec, geet weider an d'Luucht. Bal ee Fënneftel vun der Populatioun riskéiert, an d'Armut ze verfalen. 16,5% leie mat hirem monatleche Revenu ënnert der Aarmutsgrenz.

Wéi vill Famillje mat Kanner mussen elo op dës Subventioun zrëckgräifen, well d'Famillenzoulagen net méi esou héich sinn? Op där enger Säit hëlt de Stat Hëlfele ewech, an op där anerer Säit bezitt en nees neier aus. Dëst ass eng Milchmädchenrechnung oder och nach eng Mogelpackung. Et bleift just ze hoffen, datt Elengerzéier a besonnesch Frae mat Kanner, déi den Ament a Fraenhaiser logéiert sinn, well keng Wunneng zu abordabele Präisser um Marché fir si ze kréien ass, vun dësem Gesetz kënnen profitieren.

Wéi virdru scho gesot, wäert dëse Projet de loi eng breet Zoustëmmung fannen. Mir sollen awer virun um Problem vum Locatiounsmarché schaffen, an dëst an alle Beräicher. De Problem muss un der Wuerzel ugepaakt ginn.

Éischtens muss d'Politik géint déi präisdreiwend Akteuren um Marché virgoen. Ech hunn am Ufank vu mengem Discours schonn iwwert d'Aart a Weis, wéi Colocatiounen a Sous-locatiounen bedriwwen ginn, geschwat. Dëse Marché muss verstärkt reguléiert ginn, well d'Präisser an dësem Segment komplett aus dem Ruder lafen. Am Kader vun der Debatt iwwert de Logement hunn ech am Numm vun der CSV-Fraktioun eng diesbezüglich Proposition de loi eragereecht. Mir wiere frou, wa sech d'Logementskommissioun dësem Text kéint unhuelen.

Zweetens mussen natierlech weiderhi méi sozial Mietwunnengen geschaf ginn.

Drëttens verstärkt de Prinzip vun der AIS fërdereen a mat zousätzleche staatleche Mëttelen ënnerstëtzen, well dëst de bëllegsten an einfachste Wee ass, fir géint de Leerstand vu Wunnengen virzegoen a fir fair a gerecht Loyeren ze suergen.

Et ass um Stat an awer och un de Gemengen, fir hir Hausaufgaben ze maachen. Eng vun de gréissten Erausforderungen, deenen ee sech allgemeng muss stellen, ass, fir de Populationsregister esou propper a konform wéi nëmme méiglech ze féieren. Regelméisseg Kontrollen a Wunnengen, wat d'Sekuritéit, d'Hygiène an d'Konformitéit vun de Wunnengen ugeet, mussen onbedéngt gemaach ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech Merci fir Äert Nolauscheren a ginn heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Lies. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Yves Cruchten fir d'LSAP.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Hären Deputéierten, de Projet de loi fir d'Afféiere vun enger Loyerssubventioun huet net den Usproch, fir déi horrend Präisser um Wunnengsmaat ze drécken. Mä mat deem Gesetz, wat mer haut stëmmen, wäerte mer d'Präisexplosioun bei de Loyere kaum gebremst kréien. Well dat ass och net de Sënn an den Zweck vun deem Gesetz.

Fir d'Präisser um Wunnengsmaat am Allgemengen an de Grëff ze kréien, ass eis Regierung amgaang, eng Rëtsch Initiativen ze huelen. D'Offer vergrësseren, zesumme mat de Gemengen, Incitatiounen schafen an och géint

Baulandspekulatioun virgoe sinn hei just e puer Stéchwierder.

D'Subvention loyer ass dogéint eng éischer sozial Mesure. Heibannen ass keen, deen net domadder d'accord ass, wa behaupt gëtt, datt d'Wunnen an de leschte Joren ëmmer méi deier ginn ass; ech behaapte souguer, ze deier ginn ass. Ech erlabe mer ze widderhuelen, wat ech och schonn hei am Fréjoer beim Débat d'orientation iwwert de Logement gesot hunn: Zu Lëtzebuerg sinn et net am Allgemengen d'Paen, déi ze kleng sinn, et sinn och net d'Sozialtransferten, wéi zum Beispill d'Kannergeld oder d'Allocation de vie chère, déi ze niddreg wäeren. Do sti mer am Verglach mat eisen Noperen zimlech gutt do. Par contre, wat awer ville Leit hei am Land e Lach an de Portmonni frësst, dat sinn d'Käschten, fir ze wunnen. Egal ob ee keeft oder lount, d'Präisexplosioun vu Bauland, vun Haiser an Appartementer ass enorm.

Am Exposé des motifs vun dësem Gesetz gëtt dat nach emol mat androcksvollen Zuele beluecht. Esou sinn zum Beispill d'Loyere fir Appartementer an de leschten zéng Joer an der Moyenne ëm 43% méi deier ginn.

Zanter Jore leide vill Familljen ënnert de Wunnengspräisser. Et kann ee sech wierklech d'Fro stellen, wéi e Stot mat engem - tëscht Gänseféisschen - „normalen“ Akommes do nach eens gëtt Enn des Mounts, zemoos wann een héiert, datt Verschiddener d'Halschent an nach méi vun hirer Pai musse fir d'Wunnen ausginn. Erschweierend kënn nach derbäi, datt mer et an de leschte Jore verpasst hunn, zu Lëtzebuerg déi néideg Sozialwunnengen ze schafen.

Ech erënneren drun: Knapps 2% vun eisem gesamte Parc immobilier si Sozialwunnengen. Vill Leit kënnen dofir och net anescht an zéien déisäit der Grenz, wou d'Loyeren alt tëscht 20, jo, alt souguer bis zu 45% méi niddreg si wéi hei. An der Vergaangenheet an och haut hu mer eis vill dorop konzentriert ze hëllefe beim Uschafe vun enger Wunneng, d'uerch Zënssubventiounen, Bonifikatiounen an Direkt-hëlfele. Dat war an ass och haut nach richtig.

Dës Politik, fir esou ville Bierger wéi méiglech den Zougang zu engem Eegenheim ze erliicheren, huet gehollef, datt haut quasi 70% vun den Awunner an hiren eegene véier Mauere wunne kënnen. Fir déi aner 30% vun eisen Awunner, déi, déi um Privatmarché lounen mussen, fir si goufen et allerdéngs weineg bis guer keng Hëlfele.

D'Chance, datt si eng Kéier an de Genoss vun den heitege Wunnengsbäihëllef kommen, ass ganz kleng. Wéi soll een zum Beispill e Loyer bezuelen an donieft nach Suen op d'Säit leéen, fir iergendwann eng Kéier eppes kënnen ze kafen? Och sinn et dach grad si, déi, déi lounen, déi am meeschten Ennerstëtzung brauchen op eisem Wunnengsmaat, well dacks sinn et och d'Locataire, déi vum Aarmutsrisiko beträff sinn. Dësen Aarmutsrisiko ass a bleift hei zu Lëtzebuerg mat 16 oder 17% vill ze héich. Mat der Loyerssubventioun komme mer hinne entgéint.

Et ass eng zolidd Ennerstëtzung, déi mer do schafen. Wéi den Här Rapporteur dat gesot huet, gëtt geschat, datt ongeféier eng 19.000 Stéit an de Genoss vun där Hëllef wäerte kommen. Ech hunn elo e bëssen héichgerechent; wa mer dervun ausginn, dass mer 220.000 Stéit hei zu Lëtzebuerg hunn, da wäeren dat souguer 9% vun de Stéit hei am Land, déi kéinte vun där Prime oder vun där Subventioun profitieren.

Andeems mer se net verallgemengeren, dës Subventioun, verhënnere mer och, datt sech dës Hëlfele direkt nees an enger Loyerserhéijung bemierkbar maachen. Ze erënneren ass och, datt mer zu Lëtzebuerg eng Zort Mietpreisbremse hunn, nämlech déi, datt de Joresloyer net méi héich duerf si wéi 5% vum Wäert vum Logement. D'Regierung huet eis an deem Kader annoncéiert, och d'Loyerskommissiounen op de Leescht ze huelen. An dat schéngt mer wichteg ze sinn.

Jo, et ass elo grad hei gesot gi vu mengem Virriedner: D'Diskussiounen ëm d'Loyerssubventioun, déi sinn net nei. An ech hat nogekuckt: Schonn am Joer 2003 hat den deemolegen Deputéierte Mars Di Bartolomeo dat ganz konkret hei an der Chamber proposéiert. Ech wëll awer och fairerweis dorunner erënneren, datt en éische Projet de loi ënnert der viregter Regierung ausgeschafft gouf. Et huet elo e bësse gedauert, bis en iwwerschaffte Projet ka gestëmmt ginn, eppes wat jo och verschidden Organisatiounen hei am Land kritiséiert hunn.

Ech kann deem zoustëmmen, wéi awer direkt hannendrop soen, datt déi Ännerungen, déi d'Regierung un dem initiale Projet de loi virgeholl huet, richtig a wichteg wäeren. Esou goufe virun allem d'Beträg vun de Subventiounen substanzuell an d'Luucht geschrauft: vun 90 op



124 Euro beim ënneschte Plafong a vun 230 op 300 Euro beim maximale Montant. Och goufen duerch e Regierungsamendement d'RMG-Bezëier grad wéi déi, déi de Revenu pour personnes gravement handicapées kréien, mat agebonnen. An Zukunft kënnen och si vun dësen Hëllef profitéieren. An dat schéngt mer richteg ze sinn.

Här President, mir schafe mat dësem Gesetz e ganz neie Pilier an eiser sozialer Gesetzgebung. Niewent dem Kannergeld, niewent eiser gutt funktionnéierender Sécurité sociale an niewent anere Prestatiounen am soziale Beräich kënn elo nach eng nei Ennerstëtzung derbäi. Haut ass dofir e wichtegen Dag fir vill Leit hei am Land, vill Leit, déi, obwuel se vläicht eng Schaff hunn, dacks Problemer hunn, fir déi berühmten zwee Enner beienaner ze kréien. Op Englesch gëtt et e ganz ellene Begrëff fir si. Si ginn „the working poors“ genannt. An ech si frou, datt mer hei am Land nach keen esou en ellene Begrëff hu fir si missen erfannen. An ech bleiwen och derbäi, datt mer als Politiker musen derfir suergen, datt, wann een zu Lëtzebuerg schafft an deemno zu eiser Gesellschaft bäidréit, een och muss genuch verdéngen, fir anstänneg a wierdeg kënnen mat senger Famill ze liewen. Ass dat net garantéiert, da muss de Stat asprangen.

Déi Hëllef, déi de Stat elo bereet stellt, ass ganz konsequent. Esou kann eng eenzel Persoun, déi méi wéi en Drëttel vun hirem Akommes muss fir de Loyer opbréngen, bis zu 1.488 Euro d'Joer kréien. De Montant variéiert jo och no der Unzuel vun de Kanner an no der Gréisst vum Stot a kann alt bis zu 3.600 Euro d'Joer ausmaachen.

Mir schwätzen hei also net vu Klenggekeeten oder vu Kinkerlitzchen. Fir e Mindestlounempfänger zum Beispill sinn dat dote ganz substanzieell Hëllef. Am Ganze wäerten dës nei Hëllef de Stat bal 29 Milliounen Euro kaschten, wouvun eng 21 Milliounen nei Dépense sinn an 8,8 Milliounen aus dem Fonds national de solidarité eriwwegeholl ginn. Am Gesetz steet och, datt ee muss Locataire vun engem Logement zu Lëtzebuerg sinn, woumadder eng Exportabilitéit vun dëse Subventiounen verhënnert gëtt.

Wéi bei allem, wat nei ass, soll ee sech och déi néideg Zäit huelen, fir ze evaluéieren. Et ass wichteg, wa mer Gesetzter stëmmen, datt mer och duerno analyséieren, wat dobäi erauskënn. Duerfir proposéiere mer der Regierung, an engem Joer zesumme mat eis an der zoustänneger Logementskommission de Bilan ze maache vun dësem neie Gesetz. Do solle mer kucken, wat dës Hëllef bewierkt hunn, wie se ugefrot huet, wou een nach kann nobesseren, falls dat néideg sollt schéngen.

Här President, d'LSAP-Fraktioun steet hannert dësem Gesetzesprojet. An Zäiten, wou de Stat muss Fouss bei Mol halen, wat seng Ausgaben ugeet, duerf eben net vergiess ginn, no deenen ze kucken a fir déi ze suergen, déi an der Prekaritéit liewen hei am Land. D'Aarmut an den Aarmutsrisiko ze bekämpfen, muss an eise Land eng Prioritéit op der politescher Agenda sinn.

Mat dësem Gesetz maache mer dat. Et geet sécherlech nach net duer. Aner Initiative musen nach derbäikommen, fir notamment eleng-erzéienden Elteren ënnert d'Aerm ze gräifen, vun deene mer wëssen, datt si dee gréisste Risiko droen, an d'Aarmut ofzerétschen.

Eng Gesellschaft kann een dorunner moossen, wéi se mat hire Schwächsten ëmgeet. An och do hu mer zu Lëtzebuerg nach heiansdo eppes nozehuelen. Dëst Gesetz geet hei an déi richteg Richtung. Mir sinn iwwerzeegt, datt déi Subventiounen, déi mer haut schafen, op der richteger Plaz ukommen an datt se ville Bierger an eise Land wäerten hëllef, hir prekär Situatioun e Stéckelchen ze verbesseren.

Um Enn géif ech gären dem Rapporteur a President vun eiser Kommissioun, dem Här Arendt, villmools Merci soe fir seng gutt Berichter a ginn heimadder den Accord vu menger Partei zu dësem Gesetz.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Cruchten. An den nächste Riedner ass den Här Roberto Traversini fir déi gréng.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).**- Merci, Här President. Léif Kollegeginnen, léif Kollegen, mir wëssen alleguer, datt d'Situatioun um Immobiliemarché zu Lëtzebuerg keng gesond Situatioun ass. Et kann net normal sinn, datt vill Leit hei am Land a virun allem och jonk Leit sech keng Wunneng leeschten kënnen, respektiv wa se sech eng Wunneng leeschten, datt dann net genuch Suen iwwreg bleiwen, fir kënnen e ganze Mount laang anstänneg ze liewen. Dat weist, denken ech, kloer, datt déi Instrumenter, déi mir am Moment hunn, net duerginn an datt mir also dréngend nei Solutiounen musse fannen.

De Loyerssubsid ass e wichtege Schratt an déi richteg Richtung. Esou wéi et virdru presentéiert ginn ass, kéint een Drëttel vun alle Locataire hei zu Lëtzebuerg vun esou enger Moosnam profitéieren. Dat sinn, dat muss ee sech iwwerleeën, beandrockend 19.000 Stéit.

Dat heescht nun emol ganz einfach, datt dat, wat am Moment um Marché proposéiert gëtt, dem Besoin vun de Leit dobaussen net entsprécht. Et ass eng Diskrepanz do tëschent der Offer an deem, wat d'Leit bezuele kënnen. Mir schwätzen awer hei net vun engem Luxus. Mir schwätzen hei vu Logement, also vun engem Basisbesoin. Bei esou enger wichteger Saach kënnen mer d'Präisser net dem Spill vun der Offer a vun der Demande iwwerloossen, an dat scho guer net, wann ee weess, datt d'Präisser kënschtlech héichgedriwwen ginn.

(**Mme Simone Beissel prend la présidence.**)

Mir hunn Honnerte vun Hektaren am Bauparimeter leien an trotzdeem gi vill ze vill weineg Wunnenge gebaut. Zwou Saache schéngen mer wichteg an deem, wat ech gesot hunn: éischens, datt net genuch Wunnenge gebaut ginn, an zweetens, datt déi weineg, déi gebaut ginn, och net fir déi Leit geduecht sinn, déi esou eng Wunneng brauchen, well et sinn of Leit mat moderate Léin, déi d'Logementer lounen.

Datt Lëtzebuerg an esou eng Situatioun geroden ass, hänkt och domat zesummen, datt déi lescht Jorzéngte vläicht net genuch gemaach ginn ass. Mir haten zwar Subsiden, fir Logementer ze kafen, mä en Instrument wéi dat heite fir d'Leit, déi lounen, huet gefeelt.

Et muss een och kee Mathematiker sinn, fir ze rechnen, datt eppes net stëmmt. Wann een nämlech eng Famill hält mat zwee Kanner, déi en Appartement mat ronn 100 m² sicht, dat géif an der Locatioun ronn 1.300 Euro kaschten. Dat hänkt natierlech dervun of, a welcher Gemeng ee wunnt. Et kann e bësse méi, et kann natierlech och e bësse manner sinn.

Fir sech dat aus eegener Kraaft ze leeschten, bräicht esou ee Stot en Nettoakommes vun 3.900 Euro. Wann nëmmen ee vun den Eltere schafft, ass dat ganz schwier. Mä souguer wa se zu zwee schaffen a se verdéngen de Mindestloun oder knapp iwwert dem Mindestloun, an esou Famillje gëtt et der genuch, ass et net grad evident, sech eng Wunneng ze leeschten. Dofir ass de Subside de loyer batter néideg an dofir ass et gutt, datt e kënn.

Et gëtt awer och eng Gefor, déi net vun der Hand ze weisen ass. Wat riskéiert nämlech ze passéieren, wann e Propriétaire bis weess, datt e Locataire e Subsid kritt? An e weess dat jo, well e sech jo d'Akommessituatioun vum Locataire weise léisst. Ma, d'Gefor ass, datt en einfach de Loyer bei engem neie Kontrakt an d'Luucht setzt, well e weess, datt d'Leit duerch e Subsid méi Suen disponibel hunn. Doduerch klammen zwar elo net d'Loyere vun deene Wunnengen, déi schonn en location sinn, mä de Subsid kéint en Impakt op d'Evolution vun den neie Loyerer hunn.

Mir mussen also oppassen, datt de Subsid och wierklech bei de Locataire ukënn an net an den Täsche vun de Propriétaires. Dofir soll parallel zu der Aféierung vum Subsid den Observatoire ugestallt ginn, d'Evolution vun de Loyere méi staark ënnert d'Lupp ze huelen. A mir mussen no e puer Joer den Impakt, wéi den Här Cruchten dat gesot huet, vläicht no engem Joer schonn, vun deem Gesetz kucken, ob dat seng Moosnamen (veuillez lire: Friichten) dréit. Wann net, misst een dat deement-sprechend dann och verbesseren.

Fir dat nach eng Kéier zesummenzefaassen: déi gréng sinn der Meinung, datt de Subside de loyer eng gutt Saach ass, well et engem groussen Deel vun de Leit hëllef, eng Wunneng ze fannen, déi hire Besoinen entsprécht an déi se och bezuele kënnen. Well awer d'Gefor besteet, datt d'Propriétaires d'Präisser an d'Luucht setzen, musse mer eis Rendez-vous ginn an e puer Joer, fir ze kucken, ob mer eist Zil wierklech erreicht hunn.

Ech soen Iech Merci. An ech soen natierlech och dem Guy Arendt Merci fir de Rapport.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci dem Här Traversini. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kollegeginnen a Kollegen, fir d'Éischt e Merci un de Kollege Guy Arendt fir säin exzellente mëndlech wéi schrëftlech Rapport iwwert dëse Projet de loi, dee schonn am Februar 2013 vun der viregter Regierung, vum viregte Minister deponéiert ginn ass an dee vun der neier Regierung iwwerschaafft ginn ass a wou ënner anerem d'Montanten no uewen ugepasst si ginn.

Ech mengen, d'Problematik um Wunnengsmaat hei zu Lëtzebuerg ass bekannt. Et ass en Dauerbrenner, dee mer ëmmer erëm diskutéieren a wou mer och vun Zäit zu Zäit heibannen, an dat schonn iwwer Joren, Debatte féieren, wéi mer de Problem geléist kréien. A mer gesinn awer, datt vu Joer zu Joer d'Haiser, d'Appartementer méi deier ginn a konsequenterweis dann och d'Locatiounen an d'Luucht ginn.

Zwar hu mer Gesetzter, déi e maximale Montant festleeën, wat d'Loyerer däerfte kaschten, mä mir wëssen awer och, datt et do doniewent e räie Maart gëtt, dee gréisstendeels opgrond vun der Offer an der Demande funktionnéiert an d'Präisser och deementspreechend sech upassen. Ech wëll haut net an déi Problematik vun der Logementspolitik eragoen, well mer dat jo scho bei anere Geleeënheete gemaach hunn.

Ech mengen, wa mer kucken... Als ADR, kann ech direkt vun Ufank u soen, wäerte mer dësem Projet zoustëmmen. Et ass e gudde Projet. Et ass en iwwerfällige Projet. An et ass e Projet, wou mer Geld ausginn, a wou dat Geld do hikënn, wou et och gebraucht gëtt.

Wa mer gesinn an d'Zifferen stinn am Rapport, wat d'Loyerer hei am Land an deene leschten zéng Joer an d'Luucht gaange sinn, bei den Appartementer ëm bal 43%, bei den Haiser ëm 29%. A wann ee weess, datt mer an deem Zäitraum eng Inflatioun hate vun 23, 24%, da gesi mer, datt mer hei am Land bei den Haiser, bei der Uschafung wéi bei de Loyere vill méi eng staark Progressioun hunn, wéi dat an aneren Domänen ass.

D'Demande, wat och eppes Neies hei zu Lëtzebuerg ass... Wa mer 20, 30 Joer zrëckkucken, wou et nach eng Traditioun war, datt jiddweree sech e Wunnhaus kauft huet, esou gesi mer haut, datt d'Demande fir d'Appartementer enorm an d'Luucht geet an datt een haut dacks, wann een en Haus verkeeft an et wëllt een en Appartement kafen, de Verkaf vun engem Haus just duergeet, fir erëm en Appartement ze kafen an datt een och gesäit, datt an den Dierfer an an de Stied doruechter Haiser, déi nach net allze al sinn, kauft ginn, fir ofgerappt ze ginn an da kommen amplatz, wou een Haus war, dacks nëmmen zwee Appartementer. An dat ass dann awer nach rentabel fir déi, déi déi Investitioun do maachen.

Et ass also eng Situatioun, déi mer net wäerten esou séier an de Grëff kréien, wa mer als Land weider esou wuessen, wa mer weider all Joer 10.000 Aarbechtsplaze schafen. A wa mer all Joer esou vill Leit an d'Land kréien, da bleift d'Demande grouss. An ech fäerten, mir wäerten och an Zukunft net mat der Offer nokommen, fir datt d'Präisser stagnéieren, nach vun enger Senkung ze schwätzen (veuillez lire: vun enger Senkung guer net ze schwätzen).

An an deem Ganze musse mer wëssen, datt d'Zuel vun deene Leit hei am Land, an deem räiche Land, datt d'Zuel vun deene Leit, déi ënnert d'Aarmutsgrenz falen, vu Joer zu Joer klëmmt, an datt mer haut geschwé bei engem Fénneftel vun eiser Populatioun ukommen, déi ënnert de Seuil vun der Aarmutsgrenz mussen oder wäerte falen.

Dëst Gesetz, mengen ech, dokumentéiert dat ganz kloer, wa mer gesinn, datt praktesch 19.000 Stéit, wéi dat am Rapport steet, kënnen vun dësem Gesetz profitéieren. 12.000 hunn der bis haut nach net dovun profitéiert, an et ass ze hoffen, datt mer un all déi Leit kommen an dat Administratiiv net ze vill komplizéiert ass, fir datt déi Leit iwwer einfach Weeër kënnen un déi Hëllef hei kommen.

D'Konditiounen, op déi brauch ech net méi am Detail anzegoen, déi huet de Rapporteur hei gesot. Et ass awer eng vun de Konditiounen derbäi, wou mer soen, déi Leit, déi hei déi Subvention de loyer kréien, déi dierfe keng aner Propriétéit, egal a wat fir enger Form, weder hei am Land nach am Ausland hunn, wou ech mer allerdéngs d'Froe stellen, wéi mer am Ausland dat sollen oder kënnen kontrolléieren an ob et do iwwerhaupt kéinten och Sanktiounen da ginn. Op där anerer Säit muss ech soen, Leit, déi hei am Land mat esou klenge Revenue liewen, datt se emol net genuch fir e Loyer hunn, dat sinn an der Regel och keng Leit, déi da Villen op der Côte d'Azur doënnen hunn.

Wa mer wëssen, wéi d'Berechnungsbasis gemaach ass, da sinn dat och Seulen, déi net esou héich sinn: e Jonggesell bei 1.768 Euro, eng Koppel ouni Kand 2.600, ee Kand 3.183, zwee Kanner 3.713 Euro. Dee Montant, deen d'Leit hei kréien, do solle mer och net ze vill iwwerdreiw mat deene Montanten, wa mer mengen, mir géifen hei eppes Substanzielles maachen. Et ass wuel fir déi Leit vill Geld: Een, deen nëmmen 2.000 Euro de Mount huet, fir deen, fir déi eenzel Persoun oder fir eng Koppel sinn 124 Euro de Mount vill Geld.

Mä mir mussen awer och wëssen, datt mer an deene leschte Joren als Stat op där anerer Säit,

zum Beispill duerch d'Augmentatioun vun der TVA 3%, d'Präisser vun den Haiser an domadder d'Loyerer och méi deier gemaach hunn!

Mir mussen och wëssen, datt de Stat iwwer eng Rei vu Joren d'Kannergeld desindexéiert huet, also d'Famillje manner kréien! A mer musse wëssen, datt d'Regierung virgesinn huet, vum nächste Joer un eng nei Formule vum Kannergeld anzeféieren, wou déi neigebuere Kanner, wat iwwer ee Kand erausgeet, manner kréien!

Soudatt ech géif soen, wa mer déi Formule hei kucken, datt eng Koppel 124 Euro kritt a mat engem Kand der 149, also 25 Euro fir e Kand weider, da géif ech soen, dann huet de Stat op där anerer Säit iwwert de Wee vun der TVA a vun der Desindexéierung a vu manner Kannergeld méi erakritt, wéi en op dësem Wee un d'Famill mat engem Kand ausgëtt.

An och fir en zweet Kand gi mer dann erëm eng Kéier 25 oder 50 Euro weider. A wann ee weess, datt eng Famill, déi zwee Kanner huet - an och dat ass vläicht ee vun de Kritikpunkten, déi mer an dësem Gesetz hunn -, datt mer fir d'Kanner e Montant ginn, ob dat Kand sechs Méint al ass oder 16 Joer al ass; mir wëssen alleguer, wann eng Famill zwee Kanner huet, an d'Kanner kommen an e gewëssenen Alter, da muss een, an dat schéngt mer awer an eiser heiteger Gesellschaft normal ze sinn, all Kand säin eegent Zëmmer ginn. Mat 25 Euro kritt een awer haut beim Loyer keen eenzelt Zëmmer. Dat kascht haut vill méi. Tëscht 200 an 250 Euro ginn d'Loyere pro Zëmmer an d'Luucht.

Soudatt mer also kënnen soen, wa mer dat heite maachen, datt ass ze begrëssen, mä mir sollte wann ech gelift net an d'Land erauszéien a mengen, mir hätten hei elo wierklech Wonner gewierkt! Well wann een dat wierklech objektiv kuckt zu der Realitéit, wéi se sech um Terrain presentéiert, dann ass dat heiten, muss een éierlech soen, eng Dréps op e waarme Steen.

Wa mer hei higinn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a mir ginn hei 28,8 Milliounen aus, dann ass dat, wéi ech virdru gesot hunn, eng gutt Dépense, déi mer maachen. An de Finanzminister ass och elo grad hei.

Ech mengen, Här Finanzminister, ech kann der Regierung nëmme soen, datt all dat Geld, wat mer an dës Richtung ausginn, datt dat Geld gutt ausginn ass. Mir maachen esou vill Dommheeten an dësem Stat a mir geheien esou vill Gelder, Milliounen, ech géif gär soen Honnerte vu Milliounen heiansdo zur Fénster eraus a maache Feelinvestitiounen, soudatt dat heiten a kengem Verhältnis steet, déi 28 Milliounen, zu deem, wat mer soss zur Fénster erausgeheien!

A wa mer elo iwwer eng Steuerreform nodenken, da wësse mer allegueren, datt déi dote Leit, egal wat mer bei der Steuerreform maachen, kënnen déi Leit do iwwerhaupt net vun enger Steuerreform profitéieren, well Leit mat esou klenge Revenue wéi déi dote bezuele keng Steieren! An duerfir sollte mer eis elo wann ech gelift net an d'Land eraus bretze goen, wéi dichteg datt mer wieren, wa mer hei enger Famill 124 Euro de Mount als Subvention de loyer ginn. Et ass néideg, mä mir brauchen eis net ze bretzen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci dem Här Gibéryen. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Madamm Presidentin. Et ass elo schonn e puermol gesot ginn: Zu Lëtzebuerg explodéieren zanter Joren d'Präisser um Wunnengsmaat. Dofir ginn et Ursachen, well de Problem ass net einfach esou vum Himmel gefall. Et ginn och Mëttelen, fir dergéint ze goen. Et gi richteg Mëttelen an et ginn där falscher, déi de Problem net un der Wuerzel upaken.

Deen heite Projet de loi pëckt de Problem weder un der Wuerzel un nach wäert en de Problem vun de Loyere léisen. Natierlech klängt et gutt, wann ee seet, mir ginn elo de Locataire eng Hëllef, fir déi iwwerdeier Loyerer nach bezuelen ze kënnen.

Ech ginn ze bedenken, datt et awer net normal ass an engem Land wéi Lëtzebuerg, wat bekanntlech zu deene räichsten op der Welt gehéiert, datt et ëmmer méi schwéier gëtt, e Loyer ze bezuelen, an dat net nëmme fir ganz aarm Leit, mä och scho fir eng Partie Leit, déi zu de sougenannte Mëttelschicht gehéieren.

U sech ass dëst Gesetz ironesch. Hei zu Lëtzebuerg gëtt et en Dogma, deen et an aneren



europäesche Länner net esou gëtt onbedéngt, an deem Dogma besteet doranner, datt gewësse Leit fest dru gleewen, datt de Maart de Logementsproblem léise kéint.

Déi onsiichtbar Hand vum Maart huet esou gutt funktionéiert, datt elo e Gesetz kënnt, grad vu Liberaler gedroen och nach, dat elo déi ganz siichtbar Hand vum Stat intervenéiere léisst.

Et muss een och bedenken, datt d'Locataire hei zu Lëtzebuerg, déi hunn eben och keng politesch Lobby! 80%, dat ass eng Zuel, déi dëst Joer zum Onwuert ginn ass, zur Onzuel ginn ass, 80% vun de Locataire hei zu Lëtzebuerg hu kee Wahlrecht. Mir haten eng Geleeënheet, fir dat richtzebéien. Déi ass verpasst ginn.

An dat spillt eng Roll, mengen ech och, well ech mengen och grad, datt et klientelistesch Grënn ginn, firwat während Jorzéngten, iwwer Jorzéngten näischt ënnerholl ginn ass, fir d'Propriétéit méi zur Verantwortung ze zéien, wou herno, wéi mer elo gesinn, de Steierzueler eben dofir muss opkommen. En gros: De Stat muss erëm dat flécken, wou d'Profitmaximéierung gesellschaftlech gescheitert ass.

An et stellt sech och d'Fro: Fir wien ass dës Subventioun e Kado? D'Loyere wäerte jo net erfoegen. An e Propriétaire kéint jo, an dat ass och gesot ginn, och vum Här Traversini an anere Wieder, och mat guddem Gewësse säi Loyer esou festleeën, datt de Locataire Usproch op eng Subventioun erhiwe kéint. Wat hu mer um Enn? Eng staatlech Subventionéierung vun de Wucherpräisser um Wunnengsmaart! Wat hu mer geschafft, ausser de Steierzueler erëm bezuelen ze loossen?

En anere Problem läit doranner, datt d'Gesetz keng Iwwerpräiwung vun der Rechtméissegkeet vum Loyer virgesäit. Dat soll duerno nach, gouf gesot, duerch d'Commission des loyers (veuillez lire: gemaach ginn duerch d'Commission des loyers); d'Gesetz misst nach analyséiert ginn. Ech waarden dorobber léiw, well ech mengen, et soll een ëmmer..., also Vertrauen ass gutt, Kontroll ass besser, wéi gesot gouf. Well och, wann d'Mietgesetz, dat gouf zwar hei gesot, virgesäit, datt de Loyer annuel fir eng Wunneng net iwwer 5% vum Wäert soll goen, muss ee wëssen, datt d'Iwwerpräiwung zurzäit jo net klappt an datt eben entweder um lokalen Niveau déi Kommissioun muss gestärkt ginn. Mä et kéint ee sech jo natierlech och virstellen, datt een dat um nationalen Niveau kéint regelen, voire op deenen zwee parallellen Niveaue. An dat muss dann och mat Mëttelen ausgestatt ginn, juristescher Natur an humaner Natur natierlech och.

Et gi Modeller, wou souguer, ech mengen, an Eisträich, e Locataire nach fënnf Joer, nodeems hie geplënnert ass, ka säi Propriétaire, säin ehemolege Propriétaire belangen, wa sech erausgestallt huet, datt dee Propriétaire während där Zäit, wou de Locataire Locataire war, en iwwerdeierte Loyer gefrot huet. Dat ass och eng Ofschreckungsmethod, well mir wësse jo och, an der Praxis ass et jo och esou, datt e Locataire sech net onbedéngt traute, fir géint e Propriétaire ze goen. Meeschtens ass et esou, datt een iwwerhaupt an der Tëschenzäit frou muss sinn, iwwerhaupt eng Wunneng ze fannen.

Här President, am plaz d'Loyeren ze subventionéieren, wou schlussendlech d'Propriétaires oder besser gesot souguer vläicht d'Banke profitéiere wäerten, muss een d'Loyeren aschränken, begrenzen, a richtig Kontrollmechanisme sollen agesat ginn. Et muss och massiv ëffentlech gebaut ginn. Wann ech all Dag laanscht de Boulevard Royal ginn an dee grouse Chantier gesinn, wou déi meescht Leit sech driwwer opreegen! Ech mengen, et ass ëmmer e gutt Zeechen, wann e Land baut, well dat heescht, datt et funktionéiert, mä d'Leit reege sech manner doriwwer op, well et ass vläicht och net esou bekannt, datt do eng Chance verpasst ginn ass, fir Wunnengen ze bauen. 74 Wunnengen sinn do geplangt, awer Luxuswunnengen!

Ech krut vum deemolege Buergermeeschter am Stater Gemengerot gesot: „Wësst Der, Här Wagner, beim Brandenburger Tor, do gëtt et och keng Sozialwunnengen.“ Dat war de Buergermeeschter, deem elo Premierminister ass! Dat ass eng Astellung, déi ech net kann deelen. Dovunner ofgesinn, ech war zwar nach ni zu Berlin, mä ech krut gesot, datt dat net géif stëmmen.

Wa mer schonn un der Situatioun flécke wëllen, da muss mer och un d'Salaren denken, well ech mengen, et gëtt zwee Problemer hei zu Lëtzebuerg, dat ass de Logementsproblem, mä et sinn och d'Salaren. D'Mindestléin sinn

ze déif! An ech mengen, dat huet zwar elo net direkt domadder ze dinn, mä wa mer vun Aarmut schwätzen, da muss mer iwwer d'Mindestléin schwätzen. An ech mengen, mir kommen net derlaanscht, och déi massiv ze erhéien. E Bruttomindestloun, en onqualifizierten, vun 1.922 Euro, mir wësse ganz genau, datt dat onméiglech ass, fir duerno herno eng Wunneng tëschent 800 an 1.200 Euro ze fannen. Do kënnt een einfach net méi no.

Also, soll een derfir sinn, dergéint sinn, sech enthalen? Mir hunn eis wierklech d'Fro awer gestallt. Derfir, jo, an do gëtt et Argumenter derfir, well Leit géifen eng Hëllef kréien. Kuerz-zäiteg natierlech. An och, wa se net ganz substanzuell ass, si ass do. An dat kann hëllefen.

Dergéint kéint een och stëmmen, well et seet een, et ass déi falsch Léisung. An u sech kréien d'Hëllef schlussendlech d'Propriétaires.

Et kéint ee sech och enthalen, well een net dergéint ass, datt an engem kuerzen Zäitraum Leit eng Hëllef kréien, déi se brauchen, mä mir wëssen, datt duerno op Zäit déi Wierkung wäert ofhuelen a verpuffen, an dat och nach mat Steiergelder.

Schlussendlech hu mer eis fir déi lescht Méiglechkeet entscheet: Mir wäerten eis bei deem Gesetz enthalen.

Ech soen lech Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Wagner. D'Lësch vum de Riedner ass elo ofgeschloss an ech géif dann elo den Här Marc Hansen, de Statssekretär, op d'Tribün biede fir d'Stellungnam vun der Regierung. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Marc Hansen**, *Secrétaire d'État au Logement*.- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ganz dacks de Mëtteg gesot ginn: Déi Situatioun vum Logement hei zu Lëtzebuerg, déi ass ganz spezifesch an déi ass och ganz komplex. Ech géif elo net méi op alleguerten déi verschidde Propositionen, déi dann och hei op der Chambertribün gemaach goufen, si mer eng Kéier an der Logementskommissioun duergaangen a mir hunn eng Kéier och gewisen, wou mer an deenen nächste Joren als Regierung wäerten d'Akzenter setzen, fir ze kucken, fir déi Logementssituatioun hei am Land ze verbesseren.

An ech hat och virun zwou Wochen nach eng Kéier dat gemaach, wat och hei op der Tribün bei där Debatt Logement versprach hat, fir de Suivi ze maache vun där Debatt Logement. An déi verschidde Propositionen, déi dann och hei op der Chambertribün gemaach goufen, si mer eng Kéier an der Logementskommissioun duergaangen a mir hunn eng Kéier och gewisen, wou mer an deenen nächste Joren als Regierung wäerten d'Akzenter setzen, fir ze kucken, fir déi Logementssituatioun hei am Land ze verbesseren.

Dat hei ass eng Mesure, déi wäert ganz ville Leit hëllefen, mä op där anerer Säit, an do ginn ech deene verschiddenen Orateuren och recht, muss mer eppes maachen, fir d'Offer an d'Luucht ze setzen. Do ass natierlech och déi ëffentlech Hand gefuerdert, fir soziale Wunnengsbau ze schafen, an dat natierlech och haaptsächlech an dem Beräich vun der Locatioun. Do goufen e ganze Koup u Mesuren an eiser Debatt hei opgefouert. Mir hunn dat och nach eng Kéier am Suivi thematiséiert. An och an de leschte Méint zum Beispill huet de Fonds du Logement en neit Gesetz eraginn op den Instanzewe, fir och grad op där doter Richtung aktiv ze ginn.

Mir hunn e ganze Koup un anere Mesuren, déi mer natierlech och wäerten an deenen nächste Joren ëmsetzen, fir Bauland ze mobiliséieren, fir méi Wunnengen ze schafen. An et ass natierlech haaptsächlech op där Achs, wou mer muss kucken, fir eppes ze maachen.

En attendant ass et awer och déi Situatioun, déi haut de Mëtteg och eng Kéier hei chiffriert gouf vun deem engen oder aneren. An ech géif och nach eng Kéier op déi Zuelen zrëckkommen.

An deene leschten zéng Joer sinn an der Locatioun d'Präisser an d'Luucht gaangen, ëm 48% zum Beispill bei Loyer. An do géif ech awer eng Kéier eppes wëllen och richtsetzen, wat hei e bëssen ënnerschwellig do mat eragesat ginn ass. Do gouf et an där Zäit nach keng Augmentatioun vun der TVA Logement an awer sinn déi dote Präisser an deene leschten zéng Joer esou geklommen. Also muss mer och op deem Maart natierlech kucken, eppes ze arrangéieren.

Ech wëll dann awer och nach eng Kéier, well dat och plazeweis elo haut vläicht falsch erëm

eng Kéier hei duergestallt gouf, soen, dass d'TVA Logement natierlech net spillt bei deene Leit, déi an hir eege Wunnenge wunne ginn. An ech mengen, dat ass jo awer och eppes, wat ëmmer erëm e bëssen hei vermëscht gëtt, an dowéinst solle mer dat natierlech och heiansdo emol eng Kéier richtsetzen an net hei maachen, wéi wann dat eent alles mat deem aneren ze dinn hätt a wéi wann dowéinst de Wunnengsmaart fir déi Leit, déi och wunne ginn an déi Wunnengen, déi se selwer bauen, kafen, dass et do e Changement an där Hisiicht gouf.

Dann ass et awer och nach ze fréi, an dat ass awer och de Mëtteg hei kuerz thematiséiert ginn, fir elo schonn ze soen, wéi wann déi TVA Logement de Präis an d'Luucht gedriwwen hätt. An deemselwechte Saz goufen nämlech hei d'Zuele vun 2014 genannt. Ech muss awer do soen, dass 2014 nach keng Augmentatioun vun der TVA Logement do war, soudass een déi zwou Saachen awer och net kann an een Dëppe geheien. An déi éischt Zuele vun deenen éischten zwee Trimesteren, déi weisen net onbedéngt an déi dote Richtung, dass déi 14%, déi do erhuewe goufen, dass déi och direkt op dem Präis ukoumen, mä et ass nach vill ze fréi, fir déi Saache mateneen ze vergläichen, well grad an deem leschten Trimester vun 2014 e ganze Koup u méi Transaktiounen koumen, soudass et nach wesentlech ze fréi ass, fir do Konklusiounen ze zéien.

Et goufen an där heiter Diskussioun haut de Mëtteg nach e puer Froen opgeworf, op déi ech eng Kéier kuerz wëilt agoen, oder e puer Suggestiounen.

Den Deputéierte Cruchten huet vun enger Evaluatioun geschwat. Ech fannen dat natierlech eng ganz gutt Saach, a mir sollen dat och maachen. Et ass vläicht ze fréi, fir dat no engem Joer ze maachen. Do muss een natierlech deen Zäitraum kucken och, deen een dofir brauch, fir dat och anstänneg ze maachen. Mä ech si ganz mat lech d'accord, fir dat och eng Kéier dee Moment an der Logementskommissioun, wann een eng Kéier richtig fiabel Zuelen huet, fir dat dann och eng Kéier ze analyséieren.

Ee Punkt, deen am Kontext vun där Subvention de loyer nawell dacks thematiséiert gouf, dat ass d'Fro, ob dat dann elo géif d'Präisser dreiwelen. Mir mengen à ce stade, dass dat net de Fall wäert sinn, well et awer e klengen Prozentsaz ass op deem ganze Marché, an dass de Marché natierlech awer Offer an Demande ass, an dass et net onbedéngt mat deene Prozenter, déi haut de Mëtteg genannt goufen, duergeet, fir de Präis an d'Luucht ze dreiwelen.

An dann op där anerer Säit sinn d'Präisser affichéiert, ier ee sech déi Wunneng ukucke geet. Dat heescht, et steet an Ärer Annonce, sief et um Internet oder an der Zeitung, dass dat Appartement oder déi Wunneng 1.000 Euro kascht, an da gitt Dir dohinner, da weess op där anerer Säit de Propriétaire natierlech net, ob Der déi Subvention de loyer kritt oder net. Deen huet säi Präis affichéiert a gemaach natierlech, ier e weess, wie sech op där anerer Säit wäert manifestéieren.

Da géif ech och nach ee Wuert soen iwwert de Mindestloun. Dat war elo grad thematiséiert ginn. De Mindestloun an d'Luucht hiewen ass dat, wat den Här Wagner elo grad thematiséiert huet. Et muss ee wëssen, wann de Mindestloun an d'Luucht gehuewe gëtt, ass et jo och, fir deene Leit entgéintzekommen, déi e grouse Problem hu mam Logement, well deen, Dir hutt et selwer gesot, muss natierlech och dofir duergoen, fir de Logement ze finanzéieren. Hei gëtt et natierlech grad fir de Logement eng Ennerstëtzung, soudass dat natierlech och eng Augmentatioun fir déi Leit ass, déi och dowéinst d'Méiglechkeet hunn, fir hire Salaire dann och e bëssen anescht ze gebrauchen.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Alles an allem, an dat gouf haut de Mëtteg e puermol thematiséiert, dat steet och am Projet dran, wäert déi Mesure hei, de Berechnung vun dem LISER no, ronn 19.000 Stéit betreffen. Déi 19.000 Stéit, déi deele sech op op 12.000 nei Stéit an 8.000, déi eriwuerkomme vun deenen, déi bis elo bei de Bénéficiaire vum RMG waren. Dat heescht, hei ass eng Mesure, déi nei geschafe gëtt fir 12.000 Stéit hei am Land, fir grad deene Leit, déi et op deem soziale Punkt e bësse méi schwierig hunn, fir grad deenen ënnert d'Äerm ze gräifen.

An ech mengen, dat heiten ass eng Mesure, déi awer an enger gewëssener Envergure natierlech hir Wichtigkeet huet. An och, wann et 124 Euro si bei engem Jonggesell, geet dat dann awer an d'Luucht bis op 274 Euro, mat engem Maximum am Gesetz vun 300 Euro. An dat ass dann awer op deenen Akommesklassen eng substanzuell Ennerstëtzung fir alleguerten déi dote Leit, déi hei kënnen vun där doter Mesure profitéieren.

Ech sinn dann awer och frou, an domadder géif ech schlëssen, dass et hei eng grouss Zoustëmmung gëtt an der Chamber fir déi dote Mesure. Et ass effektiv eng Mesure, déi scho vun där Regierung virdrun op de legislative Wee geschéckt ginn ass. Et goufen Amendementer, haaptsächlech fir déi Montanten nach an d'Luucht ze setzen, déi déi Leit kënnen kréien, fir also nach méi deene sozial méi schwach gestallte Leit Hëllef ze ginn.

An ech mengen, dass dat heiten awer e soziale Geste ass, dee ganz gutt do ukënnt, wou e gebraucht gëtt, deen natierlech net de Logementsproblem hei am Land wäert léisen, mä deen awer deene verschiddene Leit, déi Problemer hunn, fir déi zwee Enner um Enn vum Mount beieneenzekréien, fir déi ze ennerstëtzen, fir ebe grad op dem Volet vum dem Logement eng Méiglechkeet ze ginn, fir do deem Problem entgéintzewirken.

Dofir soen ech lech alleguerte Merci fir déi breet Zoustëmmung. An ech soen lech och Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Statssekretär. Mir wäeren domat um Enn vum eiser Diskussioun zum Projet 6542 ukomm a mir kéinten zur Ofstëmmung iwwergoen. An ech lancéieren de Vott.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6542 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriewer.

De Projet de loi 6542 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par M. Roger Negri) et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

Da géif ech d'Chamber nach froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kéinten dann zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet 6783 iwwert déi sougenannte verwaiste Wierker - et klénkt gutt op Lëtzebuergesch.

► **Une voix**.- Verweesten!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Verweesten, jo. Neen, dat klénkt nach méi schlecht!

(Interruptions diverses)

An ech géif direkt d'Wuert dem honorabele Rapporteur, dem Här Claude Haagen, ginn.

5. 6783 - Projet de loi relatif à certaines utilisations autorisées des œuvres orphelines

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi, deen de President „verwaiste Wierker“ nennt, also de Projet de loi 6783 iwwert de Gebrauch vun den Œuvres orphelines, gouf den 2. März 2015 vum Wirtschaftsministerium déposéiert. D'Chambre de Commerce huet de 16. März 2015 an de Statsrot den 30. Juni vun dësem Joer hiren Avis dozou ginn.

An der Wirtschaftskommissioun vum 2. an 9. Juli vun dësem Joer gouf de Projet de loi presentéiert. An opgrond vum Avis vum Statsrot